
# Pétitioun n° 989

www.chd.lu

Abrëll 2018

Fir d'Erhale vun de Gebléishal

vun der fréierer A.R.B.E.D. Belval.



## Intitulé :

Fir d’Erhale vun der Gebléishal vun der fréierer ARBED Belval.

## But de la pétition :

D’Amicale des hauts-fourneaux „A“ & „B“ fuerdert schonns zanter méi wéi 10 Joer dass d’Gebléis- an Dynamogebaier (bekannt als Gebléishal) vun der Belvaler Schmelz erhale ginn. Mär wëllen duerch eng gréisstméiglech Sammlung vun Ënnerschrëften aus der Bevëlkerung d‘Erhaale vun der Integralitéit vun deene Gebaier an deene nach bestoenden Anlagendeeler erreechen. D’Ofrappen muss à tout prix verhënnert ginn.

Mat der Petitioun wëllen d’Petitionnairen erreechen dass d’Diskussioun och an der Ëffentlechkeet gefouert gëtt an dass d’Regierung déi Gebaier ënner Denkmalschutz stellt an hinnen d’Méiglechkeet gëtt neie Bestëmmungen zougefouert ze ginn.

## Motivation de l’intérêt général de la pétition :

Kuerz zur Geschicht :

Fir déi gigantesch Adolf-Emil-Hütte (haut ArcelorMittal Belval) mat Elektrizitéit a waarm Loft z'alimentéieren gëtt ëm 1910/1911 op Belval eng grouss dräigliddreg Gebléishal vun 160 Meter Längt, 72 Meter Breet an 28 Meter Héicht a mat aacht Gebléismaschinnen an 11 Dynamoen gebaut. Dat imposant Gebai ass haut dee leschte Produktiounssite aus der Ufankszäit vun der Belvaler Schmelz, deen all d'Transformatiounen vum Site iwwerlieft huet. Déi Gebléishal ass haut, mat den Héichiewen, der Möllerei an de Gas- a Wandleitungen ee vun den Emblemer vum neie Belval.

D'Héichuewenterrass vun der fréierer Gossfilière vu Belval ass een vun den eenzege Schmelzesiten weit a breet wou et fir de Visiteur méiglech ass d' Weeër vum Kok an Agglomerat souwéi dem Hiechuewewand- a -gas op der Plaz ze entdecken an ze verfollegen.

Esou stinn nach an der Gebléiszentral déi 3 Turbokompresseren wou gewalteg d'Loftquantittéiten (180'000 Nm3/h max) op 2-3 bar kompriméiert an duerch 1,4 Meter déck stole Leitungen an d'Cowper (Wanderhetzer) gedréckt goufen. Hei ass den Héichuewewand op bis 1'100 ° C erhëtz ginn fir dann iwwer d'Wanddüsesteck ënnen an den Uewen ageblosen ze ginn fir hei d'Verbrennung vum Kok ze aktivéieren.

De Gichtgas dee bei de Reaktiounen am Héichuewen entsteet gëtt an der Gasrengegung vum Héichuewestëps gerengegt fir dann an dem Schmelzegasnetz verdeelt ze ginn.Esou kann een nach am Mëtteldrockgasrésau direkt niewent der Gebléishal d'Departen no Terre-Rouge an Déifferdeng gesinn; iwwert d'Nidderdrocknetz sinn d'Wanderhëtzer an d'Walzwierksiewen vu Belval beheizt ginn.

Nach sinn all dës Anlagen erhalen an et wier fir déi Belvaler Industriekultur onverantwortlech fir een Element dovunner ëwegzehuelen. Wéi solle mär de Visiteur a besonnesch déi jonk Leit motivéieren wann ouni valabel Ursaach ëmmer méi vun der Héichuewenterrass ewechgerappt gëtt?

Den industriehistoreschen Wäert vun den Halen, hier monumental Gréisst, hier Lag an der Industrielandschaft hei am Süden musse fir d'Nowelt erhale bleiwen an däerfe net urbanistesche Fehlplanungen zum Affer falen!

Och wann déi Halen en Alter vun 107 Joer opzeweisen, sinn se, bis op den Daach, deen direkt misst renovéiert ginn, an engem gudden Zoustand! Esou si bis zum Schluss vun der Héichuewefilière am Joer 1997 all Joer Kreditter accordéiert ginn fir Renovéierungsaarbechten un dëse Gebaier auszeféieren an dat um Halendaach, der Fassade an der stolener Konstruktioun.

Duerch d'Hëtzt vun de Maschinne war et och ëmmer waarm an den Halen, esou dass absolut keng Korrosioun un de stolene Kolonne vum Gebai an dem Daachfachwierk konnt geschéien.

Wann op Belval d'Gossproduktioun, also "d'Filière Fonte" bliwwen an eis Schmelz net op d' "Filière électrique" iwwergaange wier, dann hätten déi 5 nei Turbosoufflantë fir d'Héichiewen A, B an C missten weider Wand produzéieren an d'Gebléiszentral hätt och misse stoe bleiwen an en Ofrappe wier also onméiglech gewiescht!

D'Amicale des haut-fourneaux huet schonns méi wéi eng Kéier duerch hier Kontakter mat Historiker an Architekten op verschiddenen Universitéiten och am Ausland d'Méiglechkeeten vun enger sënnvoller Notzung vun deenen Halen déi och der Allgemengheet géingen déngen ënnerstrach.

D'Hale kéinte sech zur Dréischeif vun de verschiddenste kulturellen a wëssenschaftlechen Aktivitéiten dobannen entwéckelen.

D'Schafen a Gestalte vu Bürosraum, d'Organisatioun vu groussen Ausstellungen, d'Amenagéieren vun Ofstellraim fir d'Uni, d'Zesummendroen an Opstellen vu groussen Archiven fir sämtlech technesch Zeechnungen, Fotoen, Bicher, Dokumentatiounen a.e.s.w. iwwer d'Belvaler Schmelz an d'Industrialiséierung, Versammlungsraim, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen géingen deen allgeméngnëtzlëche Charakter vun deenen Halen ënnersträichen.

Stéchwuert C.N.C.I.: d'Iddi vun deem an der Gosshaal vum Héichuewen „A" geplangten a ni realiséierten „*Centre National de la Culture Industrielle*" ass a verschiddenen Aarbechtsgruppe weiderentwéckelt ginn. Zu Belval sollt den Zentrum vun engem dezentral organiséierte Reseau vu Kooperatioun tëscht de villen Institutter a Strukturen, déi sech mat Industriekultur zu Lëtzebuerg beschäftegen, entstoen. Am Sënn vum Westfälischen Industriemuseum, deen op aacht verschiddenen historesche Plazen un d'Industriezäitalter erënnert.

Och hei setze mär eis schonn zanter Joren dofir an dass den C.N.C.I. an d'Gebléishal gehéiert.

Als Beispill vun Notzung déi scho stattfonnt huet kann een déi grouss Ausstellung "*All we need* " déi zum Thema Nohaltegkeet an der Gebléishal organiséiert gouf an zu engem absoluten Highlight vun der Kulturhaaptstad 2007 gouf.

Am Programm vun der aktueller Regierung konnt jiddereen 2013 dat heite liesen: "***L'aménagement** du site des Rotondes sera achevé et d'autres projets (comme par exemple les Ardoisières de Martelange **ou la Halle des Soufflantes de Belval) seront relancés.***"

Déi Responsabel vun der nächster Lëtzebuerger Kulturhaaptstad, nämlech Esch 2022, hunn de Projet Gebléishal relancéiert net nëmme fir do zentral Ausstellungen, wéi déi vum Ai Weiwei z'organiséieren, mä fir d'Raimlechkeeten fir Kënschtler a Kënschtlerinnen zur Verfügung ze stellen, fir Kreatioun, am Kader vun engem Remix Culture Club an doriwwer eraus eng nohalteg Strategie fir d'Notzung vun der Hal no 2022 auszeschaffen. Wéi een am „Bidbook“ vun Esch 2022 ka noliesen: “*The blower plant in Esch-Belval, beneath the furnaces and directly beside the university, is a very important location for us to be able to implement a series of projects as part of the European Capital of Culture and beyond. Its location, but also its structure and its size, make the Halle des Soufflantes a central venue for us…/… Our long-term goal is to set up a new Academy of Arts here. We have worked out a sustainable strategy for the hall and we have a feasibility study, **however, the decision about restoring the building has yet to be made***.“

Do kéinten zum Beispill de Fonds Belval, de Kulturministère, d'Escher Gemeng, ProSud, d'Uni, d'Fondation Bassin minier, ArcelorMittal, fréier Aarbechter, Acteure vun der Industriekultur a Kulturschaffend mat Hëllef vun Architekten d'Käpp zesumme strecken fir en nohaltegt Konzept fir d’Notzung vun der Gebléishal och no 2022 auszeschaffen.

Fir datt en eenzegaartege Site am fréieren Noerhuelungsgebitt vun der Escher Populatioun endlech nees un déi zeréckfält, deenen e gehéiert. An dat ass d'Allgemengheet !